



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Immigratioun an Asyl & Verdeedegung weiderzeleeden.

Aktuell sinn eng ronn 4'000 Persounen aus der Ukrain geflücht. Dës Persoune mussen nieft deenen déi de Statut BPI respektiv DPI hunn, vun der ONA an dem Familljeministère encadréiert ginn. Laut der Äntwert op d'Fro n°867, ginn et 103 Déngschtwunnenge fir d'Police vun deenen dee Moment (Juli 2019), nëmmen eng ronn 27 genotzt goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Déngschtwunnenge vu Police an Douane stinn am Moment ronderëm Land eidel?
2. Wéi vill Déngschtwunnenge vu der Arméi stinn am Moment ronderëm Land eidel?
3. Wier et hei net méiglech déi eidel stoend Wunnengen, och déi wou soll dru geschafft ginn, oder wou am Moment ëmfunktionéiert ginn, fir d'Ënnerbréngung vun de Geflüchteten ze notzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

